Pressemitteilung 23. April 2025

## Gemengerot vu Bettenduerf ignoréiert d'Resultat vum Referendum

„Mir si immens enttäuscht, datt de Gemengerot de däitleche Wëlle vun der Bevëlkerung ignoréiert huet. E Referendum ass keng symbolesch Ëmfro, mee en demokrateschen Optrag. D'Entscheedung vun haut stellt d'Vertrauen an déi lokal Demokratie op eng haart Prouf.

De Gemengerot huet 57,4 % vun de Wielerinnen a Wieler vum 23. Mäerz virun de Kapp gestouss. Mat senger Haltung ignoréiert hien net nëmmen e klore Message, mee mécht och d'Dier vun engem oppene Prozess definitiv zou.

En 'Jo' fir d'Weiderféiere vun de Gespréicher hätt net bedeit, datt d'Fusioun scho beschloss wier. Et hätt bedeit, datt objektiv Fakten hätte kënnen op den Dësch geluecht ginn – an datt een déi néideg Zäit kritt hätt, fir all Froen, Bedenken an Erwaardungen an engem oppene Prozess ze klären. Och déi, déi de Referendum mat "Nee" beäntwert hunn, wieren domat nach laang net an eng Fusioun gezwonge gewiescht. Am Géigendeel: Si hätten an den nächsten 2 Joer Zäit gehat, fir mat Argumenter a mat Engagement anerer ze iwwerzeegen.

Mir si enttäuscht iwwer dës Decisioun. Als Biergerinitiativ hu mir vun eisem demokratesche Recht Gebrauch gemaach an de Referendum op de Wee bruecht. Eis Roll an dësem Prozess ass mam Ofhale vum Referendum ofgeschloss. Mir soen all de Leit Merci, déi sech an de leschte Méint mat Respekt an Engagement an dëse Prozess abruecht hunn.

Mir wäerten eis weiderhi fir Transparenz a Matbestëmmung asetzen.

*Biergerinitiativ Pro Referendum an der Gemeng Bettenduerf*